

Lëtzebuerg, den 16. November 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an un d'Madamm Kulturministesch weiderzeleeden:

„Zanter Jore stellen sech eng Rei Infrastrukturprobleemer zu Iechternach, déi entweder ongeléist bleiwen oder nëmme lues a lues aus der Welt geschaf ginn. Och wann dës infrastrukturell Retarde virun allem an d'Verantwortung vun der Gemeng oder vu privaten Acteure falen, sou dréit awer och de Staat eng speziell Responsabilitéit, wann et drëms geet fir den "Image de marque" vun der Abteistad, déi international bekannt ass, opzewäerten.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an der Madamm Kulturministesch folgend Froe stellen:

- 1. Ass et virgesinn fir de Site vum Lycée opzewäerten (Restauratioun vun de Fassaden, Erneuerung vun den ëffentleche Plaze ronderëm de Lycée, ...)? Gëtt och un eng Restauratioun vun der Basilika geduecht, déi dem Staat jo gehéiert (Renovéierung vum Banneraum, Restauratioun vun de Fassaden,...)?*
- 2. Ass och schonn e Projet entwéckelt ginn fir de Park laanscht d'Sauer ze rehabilitéieren? Wéi wäit sinn d'Aarbechten um historesche Pavillon fortgeschratt?*
- 3. Wou ass de Staat nach gewëllt fir seng eegen Infrastrukturen am Raum Iechternach ze moderniséieren?*
- 4. Wéi laang wäerten di archeologesch Fouillen um Site vun der fréierer "Petite Marquise" nach daueren? Wat sinn d'Conclusiounen zu de rezenten Aarbechten?“*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Carole HARTMANN
Deputéiert